Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen-an Europaminister a vum Här Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro Nr 4276 vum 12. Mee 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser

1. Lëtzebuerg an den Aserbaidschan ënnerhale säit 1992 diplomatesch Bezéiungen. Dës diplomatesch Bezéiunge sinn awer net ganz intensiv. Lëtzebuerg huet keen Ambassadeur zu Baku akkreditéiert an den Aserbaidschan huet keen Ambassadeur résident zu Lëtzebuerg.

2. Déi wirtschaftlech Echangen tëschent Lëtzebuerg an dem Aserbaidschan si ganz bescheiden. Dëst geet kloer aus dësen Zuele vum STATEC eraus déi och um Internetsite vum STATEC ëffentlech zougänglech sinn:

Investissements directs Luxembourg-Azerbaïdjan en 2019, en millions d'euros

Investissements directs nets	Investissements directs sortants	Investissements directs entrants
0,6	0,4	-0,2

Commerce extérieur du Luxembourg avec l'Azerbaïdjan en 2020, en euros

Exportations de produits du Luxembourg vers l'Azerbaïdjan	17.472.030
Importations de produits du Luxembourg en provenance de l'Azerbaïdjan	42.838

3. Cargolux benotzt de Flughafe vu Baku souwuel fir Wueren an den Aserbaidschan an aus dem Aserbaidschan ze transportéiere wéi och fir seng Fligeren op de Vol'en a Richtung Asien souwéi aus dem asiatesche Raum opzetanken. Am Kontext vum Krich am Bergkarabach tëschent September an November 2020 hat Cargolux opgrond vu Sécherheetsbedenken d'Landung um Flughafe vu Baku suspendéiert. Säit Januar 2021 flitt Cargolux Baku nees un, aktuell 20 Mol an der Woch.

4. Lëtzebuerg wäert eventuell Sanktiounen zesumme mat sengen EU-Partner ofstëmmen an adoptéieren. Eng Decisioun steet zu dësem Zäitpunkt net un an duerfir ass et verfréit ze spekuléieren, wat den eventuellen Impakt vun esou Mesure kéint sinn.